Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Ufroen N°4657 vum 14. Juli 2021 an N°4770 vum 30. Juli 2021 vun den honorabelen Deputéierte Roy Reding a Michel WOLTER

Déi honorabel Deputéiert stelle sech Froen am Zesummenhang mat der Validitéit vum Camionsführerschäin (Kategorie C).

Fir de Führerschäi vun der Kategorie C kënnen ze maache muss een 21 Joer al sinn, respektiv 18 Joer wann een d'Ausbildung zum Beruffschauffer gemaach huet (Code 95) an et muss een den Autosführerschäin (Kategorie B) scho gemaach hunn. De Führerschäi vun der Kategorie C erlaabt d'Fuere vu Gefierer der hiert héchst zoulässegst Gesamtgewiicht iwwer 3,5 Tonne ka sinn.

Wann een de Camionsführerschäin huet, da sinn do och implizitt d'Führerschäiner vun de Kategorien C1 an C1E mat dran, mat deenen een e Gefierer vu 7,5 Tonne Gesamtgewiicht ka fueren un dat een och nach eng Remorque vu 750kg drun hänke kann (C1) oder esouguer bis zu engem Gesamtgewiicht vun 12 Tonnen (C1E).

Sou wéi et déi europäesch Direktive iwwert de Führerschäi virgesäit, huet de Camionsführerschäin eng Gültegkeet vu 5 Joer. Fir eng Verlängerung vum Führerschäin ass dann och ëmmer eng Visitt beim Dokter virgeschriwwen.

Generell ass ervir ze hiewen, datt een de Camionsführerschäin nëmme fir berufflech Zwecker benotzen däerf, wann een ënnert d'Dispositioune vun der europäescher Direktive iwwert d'Beruffschauffere fält, an een déi obligatoresch Formatioun (Code 95) gemaach huet.

Dës Weidere gesäit de Code de la Route vir, datt de Camionsführerschäin am Fënnef-Joresrhythmus ëmmer bis 70 Joer ka verlängert ginn. Ab da gëtt de Führerschäi vun dëser Kategorie just nach fir 3 Joer verlängert, ouni awer 75 Joer kënnen ze iwwerschreiden. Fir sécher ze stellen, datt déi Persoun déi esou e Gefier wat bis zu 44 Tonne ka weien (am Normalfall) och an aller Sécherheet nach am Verkéier beweege kann, ass och dës Verlängerung nëmme mat engem medezineschen Zertifikat méiglech.

Ab dem 75. Joer gëtt de Führerschäi vun der Kategorie C am Moment net méi verlängert. Dës Dispositioun steet scho säit 1992 esou am Code de la Route an ass sengerzäit agefouert ginn aus Grënn vun der allgemenger Verkéierssécherheet.

Fir der Entwécklung awer Rechnung ze droen, datt mat der Zäit virun allem am Beräich vun de Roulotten an de sougenannte Mobil-Homes ëmmer méi komfortabel an doduerch awer och ëmmer méi grouss a schwéier Modeller op de Marché komm sinn, déi sech bei de Camper grousser Beléiftheet erfreeën, ass 2009 dës Dispositioun schon deemolsan dem Sënn geännert ginn, datt elo, sou laang wéi et de Gesondheetszoustand vun de Persounen nach erlaabt, d'Kategorien C1 an C1E (also mat Remorque Gefierer vu bis zu 12 Tonnen) nach kënne weider verlängert ginn.

Well vill Leit, och dank dem medezinesche Fortschrëtt, mëttlerweil och am héijen Alter nach bei gudder Gesondheet sinn, wäert ech dem Regierungsrot bei der nächster Ännerung vum Code de la Route proposéiere fir dës Altersgrenz op ze hiewen esou datt, esou laang wéi de Gesondheetszoustand vun der betraffener Persoun et zou léisst, d'Führerschäiner vun de Kategorien C an D nach kënne verlängert ginn.